# Journalismus, Terrorismus - même combat

*Zanter dem 11. September 2001 an nach méi zanter de President George W. Bush um Krichstrip as, gët den amerikanesche Medië speziell an Europa virgehäit, si wäeren zahm gin an hätten hiert traditionell lénksliberalt Engagement géint eng onkritesch patriotesch Gesënnung agetosch. Kuerz: si géifen déi aggressiv Aussepolitik vum Wäissen Haus a Pentagon op d'mannst toleréieren, wa si se nët esouguer direkt géife matdroen. As dat tatsächlech esou?*

Romain Kohn

De Richard Perle as de President vum *Defense Policy Board*, enger Kommissioun, déi de Pentagon a verteidegungspolitesche Froe beréit. Fir dësen Job kritt hien zwar keng Suën, mee et as eng Positioun mat vill Afloss op déi offiziell US-Politik. De Richard Perle as och Gérant an Associé vun Trireme Partners, enger Investitiounsgesellschaft, déi hier Suë mat Produitën a Servicer am Beräich vun der Défense an der sougenannter *homeland security* verdéngt.

An enger zolidd recherchéierter Geschicht am Magazine *The New Yorker* stoung duerfir an der Editioun vum 10. Mäerz ze liesen: "Et gët keen Zweifel, datt de Perle mengt, et wäer richteg, fir de Saddam ze kippen. Gläichzäiteg huet hien eng Firma gegrënnt, déi vun engem Krich däerft profitéieren." Iewen dee klasseschen Conflit d'intérêt.

Den Auteur vun dësem Artikel as de Sy Hersh, mat 65 Joer den Doyen vum investigative Journalismus nët nëmmen an den USA. Hien huet 1969 den amerikanesche Massaker vu My Lai u vietnameseschen Zivilisten opgedeckt a krut duerfir d'Joer drop als Freelance (!) de Pulitzer-Präis. Nët ëmmer a séngem laange Beruffsliewen huet all Détail vu sénge Recherchë gestëmmt, mee an der Saach louch hien meeschtens richteg. Wéi de Richard Perle no der Publikatioun op CNN gefrot gouf, wat hien vum Hersh sénger neier Enquête géif halen, sot hie wuertwiertlech:

"Lauschtert, de Sy Hersh as dat, wat am amerikanesche Journalismus am noosten un en Terrorist erukënnt." Boufdeg! Zwar wousst hien nët erkläeren, firwat dat esou soll sin, mee vill geplot gouf hien nët vum CNN-Journalist. Deen hat nämlech keng Zäit méi an huet d'Antenne missen ofgin.

Natierlech as et an enger Live-Emissioun nët evident, op esou eng onerwaart a grotesk Ausso déi adäquat Äntwert parat ze hun. Et muss een awer och soen, datt CNN schons eng Zäitchen nët méi déi lénksliberal Châine as, déi si war, wéi den Ted Turner nach am Haus décidéiert huet. Dat huet mat dem Succès vum Rupert Murdoch séngem stramm rietse Sender Fox News ze din. An den

*Die USA waren zum Krieg gegen den Irak gezwungen, damit Amerikas Städte amerikanisch bleiben...*



amerikanesche Kabelréseauën huet Fox News an der Tëscht méi Zuschauer wéi CNN. Dorober huet d'Televisioun vun Atlanta misse reagéieren, mat méi Patriotismus a manner kritescher Distanz. Heescht dat, datt et elo defintiv eriwwer as mat de lénksliberale Mediën an den USA?

"Wat fir lénksliberal Mediën?" freet den Auteur Eric Alterman zeréck. A séngem neie Buch mat genee deem Titel exposéiert hien, datt et e Mythos as, fir ze mengen, d'Journalisten an d'Medië sténgen an hierer grousser Majoritéit op der Säit vun der Gauche. Bei der Televisioun stëmmt dat nët, a bei dem sougenannten *talk radio*, deene grousse politesche Braddelprogrammer, as et och nët wouer. Wäit a breet kee lénksliberale Commentateur vun nationaler Bedeitung, weder op dem Ecran nach um Radio. An an der Press?

Dem Rupert Murdoch séng Boulevardszeitung *New York Post*, der Moon-Sekt hiert Kampfblad Washington Times, d'Meenungssäite vum *Wall Street Journal* — alles Beispiller fir eng stramm riets Publizistik. Dann den neokonservative *Weekly Standard*, vun däer den Eric Alterman seet, dat wäer, Lieser fir Lieser geholl, vläicht déi Revue mat deem gréisste publizisteschen a politeschen Afloss am Land. Och si gehéiert zu dem Rupert Murdoch séngem Imperium a gët wéinst hierer intellektueller Qualitéit zu Washington vun de Leit um Pouvoir gelies.

An d'*Washington Post*? Esouguer si as fir de Krich géint den Irak, wat si awer nët drun hënnert, als éischt opzedecken, datt schon e puer Stonnen, ier déi éischt Bomm op Bagdad gefall as, Spezialtruppen an enger Undercoveraktioun op irakeschem Terrain operéiert hun.

**Bob Herbert: "Et as eng verréckt Gesellschaft, déi a Rou kann nokucken, wéi den Irak zesummegebottert gët an duerno nees opgebaut, mee déi et selwer nët fäerdegbréngt, fir all hiere jonke Leit heiheem eng Schoulausbildung z'offeréieren."**

Bleift *The New Yorker*, bleift awer och *The Nation*, eng dezidéiert lénks Wochepublikatioun vun New York mat enger Oplo vun 127.000. Et as wahrscheinlech dat Blad, dat sech am virulenteste géint d'Politik vum Wäissen Haus zanter dem 11. September gestallt huet. D'Konsequenze sin nët ausbliwwen.

De Christopher Hitchens, eintlech en Englänner a wuel de prominenteste Kollaborateur vun *The Nation*, huet der Zeitung de leschten Oktober de Réck gedréit — no 20 Joer. Leit, déi am Justizminister John Ashcroft eng méi grouss Menace geséichen wéi am Al Qaida-Chef Osama Bin Laden hätten definitiv eng aner Vü op d'Welt wéi hien, huet hien a séngem leschten Artikel provokant geschriwwen.

Bleift schliisslech d'*New York Times*, déi viru kuerzem zu der prestigiéister Zeitung vun der Welt gewielt gouf. Si huet en etlech Méint gebraucht, bis si sech vun der Attack op de World Trade Center erholl huet. Wat och domadder ze din hat, datt si e puer Deeg virdrun eréischt en neie Chefredakter kritt hat. Op de Meenungssäite komme wuel och Auteuren zu Wuert, déi fir Bush a Rumsfeld, fir de Krich a géint d'Uno sin, mee déi regelméisseg Commentateure sin awer éischter kritesch vis-à-vis vu Washington, déi eng méi, déi aner manner.

Sou huet de Bob Herbert uganks Mäerz dee Saatz iwwert d'Invasioun vum Irak geschriwwen, dee fir mech villes resüméiert a beweist, datt déi lénksliberal Intellektuell an den USA hier Stëmm guer a glad nët verluer hun. Hie sot iwwert säi Land: "Et as eng verréckt Gesellschaft, déi a Rou kann nokucken, wéi den Irak zesummegebottert an duerno nees opgebaut gët, mee déi et selwer nët fäerdegbréngt, fir all hire jonke Leit heiheem eng Schoulausbildung z'offeréieren."

*(Fräie Micro um Radio 100,7 vum 26. Mäerz 2003)*

PS: Enn Mäerz huet de Richard Perle séng Demissioun als President vum *Defense Policy Board* gin, allerdéngs nët am Kontext vu sénger Aarbecht fir Trireme Partners, mee fir eng Telekommunikatiounsfirma. Hie bleift awer weider Member vun dëser Kommissioun (!). Den Understatement, mat deem de Sy Hersh op dëse Récktrëtt reagéiert huet, as absolut Weltklass. A séngem Artikel vum 31. Mäerz iwwert de Sträit tëscht dem Pentagon an dem Krichsminister Donald Rumsfeld gët de Perle ganz niewebäi ernimmt mat däer wonnerbarer Appositioun: "de fréiere President vum *Defense Policy Board*". Kann ee séng journalistesch Trophy méi elegant ophänken? — D'Artikelen aus *The New Yorker* iwwert d'Invasioun vum Irak, och déi vum Hersh, fënnt een all beieneen op dëser Säit: *www.newyorker.com/archive/previous/?030421frprsp_previous1*

Déi lieseswert Etude *What Liberal Media? The Truth about Bias and the News* vum Eric Alterman, deen eng regelméisseg Mediëchronik fir *The Nation* schreift, as bei Basic Books erauskomm. E Link op séng Rubrik („Stop the Presses") fënnt een op der Homepage vun der Wochenzeitung: *www.thenation.com*

Dem Christopher Hitchens säi leschte *Minority Report* fir *The Nation* mat dem Titel "Taking Sides" (vum 26. September 2002) gët et hei ze liesen: *www.thenation.com/doc.mhtml?i=20021014&s=hitchens*